MyGuichet.lu
Maach et online
Loscht, fëschen ze goen?
Lust auf eine Angelpartie?
Guichet.lu

LU

MyGuichet.lu : Bestellt Äre Fëscherpermis a kritt e bannent just e puer Minutten ausgestallt



Fir däerfen an de Lëtzebuerger Bannegewässer ze fëschen, gradewéi an de Grenzgewässer mat Däitschland, brauch een e Permis.

Et gëtt verschidden Zorte Permisen, jee nodeems, wou a wéi laang ee wëllt fëschen.

D'Fëscherpermisen A a B erlabe **just** d'Fëschen um Stauséi vun Esch-Sauer an an der Sauer selwer, vun der Mündung vun der Uelzecht u bis bei d'Mündung vun der Our zu Wallenduerf.

An allen anere Bannegewässer ass d'Fëschen ouni d'Erlabnes vum jeeweilege Fëscherei-Eegentemer (Piechter) **verbueden**.

Ech bestelle mäin digitale Fëscherpermis

Mäi Fëscherpermis gëtt online op **MyGuichet.lu** bestallt. D'Prozedur dauert just e puer Minutten!

1. Ech ginn e puer nëtzlech Informatiounen un: Identitéit, Gebuertsuert an -datum, Adress, E-Mail, ...
2. Ech sichen eraus, wou ech wëll fëschen: an de Bannegewässer oder an de Grenzgewässer mat Däitschland.
3. Ech sichen d'Zort Permis eraus.
4. Ech sichen eraus, wéi laang mäi Permis gülteg bleift a vu wat fir engem Datum un e soll gëllen.
5. Ech kontrolléieren d'Informatiounen, déi ech uginn hunn, a bestätegen se.
6. Ech bezuelen online a schécke meng Demande fort.

LU

No e puer Minutte kréien ech mäi Permis am PDF-Format, entweder a mengem private Beräich vu MyGuichet.lu, wann ech do ugemellt sinn, oder per Mail, wann ech mech fir d'Demarche ouni Authentifizéierung entscheet hunn.

De Permis gëllt just fir eng Persoun. En ass gülteg fir d'Zäit, déi um Permis uginn ass, an nëmmen dann, wann een och aktuell gülteg Identitéitspabeiere ka virleeën.

Ech hu keen Zougang zum Internet? De Fëscherpermis gëtt och vu folgende Büroe vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (AED) ausgestallt: Luxembourg Amendes et recouvrements, Luxembourg Actes civils 2, Diekirch Actes civils, Esch/Alzette Actes civils a Grevenmacher Actes civils.

Fir méi gewuer ze ginn, ginn ech op
guichet.lu/feschen

MyGuichet.lu: Bestellen Sie Ihren Fischereierlaubnisschein und erhalten Sie ihn binnen weniger Minuten

Zum Angeln in den luxemburgischen Binnengewässern und in den Grenzgewässern zu Deutschland wird ein Fischereierlaubnisschein benötigt.

Je nach Gewässerzone und Gültigkeitsdauer gibt es verschiedene Kategorien von Fischereierlaubnisscheinen.

Mit den Fischereierlaubnisscheinen A und B dürfen die Inhaber **nur** im Stausee in Esch/Sauer und in der Sauer von der Einmündung der Alzette bis zur Einmündung der Our bei Wallendorf angeln.

Das Angeln in allen anderen Binnengewässern ist ohne Genehmigung des jeweiligen Fischereiberechtigten (Pächter) **verboten**.

DE

Ich bestelle meinen digitalen Fischereierlaubnisschein

Ich kann meinen Fischereierlaubnisschein online über **MyGuichet.lu** innerhalb weniger Minuten bestellen!

1. Ich gebe einige erforderliche Informationen ein: Personalien, Geburtsort und -datum, aktuelle Adresse, E-Mail-Adresse …
2. Ich wähle mein Fischereigebiet: Binnengewässer oder Grenzgewässer zu Deutschland.
3. Ich wähle die Kategorie des Fischereierlaubnisscheins.
4. Ich wähle die Dauer meines Scheins und das Datum, an dem seine Laufzeit beginnen soll.
5. Ich überprüfe meine Angaben und bestätige sie.
6. Ich zahle online und übermittle meinen Antrag.

Binnen weniger Minuten erhalte ich meinen Fischereierlaubnisschein im PDF-Format, entweder in meinem privaten Bereich auf MyGuichet.lu (wenn ich mich angemeldet habe) oder per E-Mail (wenn ich den Vorgang ohne Authentifizierung durchgeführt habe).

Der Fischereierlaubnisschein ist personenbezogen. Er gilt für die darauf angegebene Dauer und nur in Verbindung mit einem gültigen Ausweisdokument.

Was tun, wenn ich keinen Internetzugang habe? Der Fischereierlaubnisschein wird ferner von folgenden Büros der Einregistrierungs-, Domänen- und Mehrwertsteuerverwaltung (AED) ausgestellt: Luxembourg Amendes et recouvrements, Luxembourg Actes civils 2, Diekirch Actes civils, Esch/Alzette Actes civils und Grevenmacher Actes civils.

Mehr dazu finde ich unter
guichet.lu/fischen

FLYV2LUDE-permis-de-pêche-03.2020

EDITEUR :

CTIE – Guichet.lu

An Zesummenaarbecht mat:
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Drock:
CTIE – Division imprimés et fournitures de bureau

03/2020